

Lëtzebuerg, den 3. Januar 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bidden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Op der Kräizung zu Räichel bei Réiden, wou sech déi dräi Nationalstroossen N12, N22 an N23 begéinen, kënnt et ëmmer nees zu geféierleche Situatiounen.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:

- *Ass schonn driwwer nogeduecht gi fir op dëser Plaz e Giratoire z'amenagéieren? Wa jo, ass sou ee Projet schonn an der Maach?*
- *Kann den Här Minister matdeele wéi vill Gefierer all Dag op dëser Plaz laanscht fueren? Wéi huet sech hir Zuel an de leschte Joren entwéckelt?*
- *Wou ass de Projet vun enger Vëlospist tëscht Réiden a Räichel, déi laanscht dës Plaz verlafé soll, de Moment drun? Goufen do méttlerweil Emprisë gemaach?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu



Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7435 vum 3. Januar 2023 vum Här Deputéierten André Bauler.

Ass schonn driwwer nogeduecht gi fir op dëser Plaz e Giratoire z'amenagéieren ? Wa jo, ass sou ee Projet schonn an der Maach?

Opgrond vu der vum Här Deputéierten duergeluechter Problematik ass effektiv schonns am Joer 2016 ee Projet lancéiert gi fir op der Kräizung zu Räichel ee Rond-Point z'amenagéieren. Den aktuelle Stand vum Projet ass, datt de Ausschreibungsdossier finaliséiert ass an déi néideg Autorisatioune virleien. Deemno goufen Enn 2022 am Beräich ronderëm déi aktuell Kräizung d'Hecken an d'Beem ewechgeholl, déi duerch déi viséiert Aarbechte betraff sinn.

Am Fréijoer ginn nach archeologesch Ënnersichunge gemaach ier dann déi eigentlech Aarbechten um Rondel zu Räichel lass ginn, déi fir Enn dëst Joer virgesi sinn.

Kann den Här Minister matdeele wéi vill Gefierer all Daq op dëser Plaz laanscht fueren? Wéi huet sech hir Zuel an de leschte Joren entwéckelt?

Unhand vu permanente Compteuren, déi duerch d'ganzt Land op Vëlosweeër, Autobunnen a Staatsstroossen installéiert sinn, kann permanent d'Intensitéit vum Trafic op bestëmmte Plaze kontrolléiert ginn.

Déi Donnéeë sinn ëffentlech a kënnen vu jiddwerengem zu all Moment réckwierkend op di fënnef lescht Joer um "Portail des Travaux publics" opgeruff ginn (travaux.public.lu > Infos trafic > Comptage du trafic).

Zu Räichel stinn zwee Compteuren, an zwar de Compteur n°805 op der N22 a Richtung Réiden, an de Compteur n°807 op der N12 a Richtung Bieberg. Ausserdeem steet direkt bei Räichel op der N23 a Richtung Rammerech nach de Compteur n°809.

Tëscht de Joren 2019 an 2022 gesäit den duerchschnëttlechen deegleche Verkéier an deenen zwou Richtungen zu Räichel folgendermoossen aus (Notzgefierer an Autoen):

	2019	2020	2021	2022
n°809	2157	1997	2247	2256
n°807	6214	5764	6508	6593
n°805	5895	5307	5780	5996

Wann een d'Donnéeë vun deene Jore kuckt, gesäit een dass d'Unzuel vun de Gefierer relativ konstant bliwwen ass (am Joer 2020 ass duerch d'Pandemie ee liichte Réckgang vum Verkéier ze verzechnen). Dës Zuele representéiere wéi uewe bemierkt de järelechen Duerchschnëttstrafic op dëser Plaz während engem Zäitraum vu 24 Stonnen a béid Richtungen.

Wou ass de Projet vun enger Vëlospist tëscht Réiden a Räichel, déi laanscht dës Plaz verlafte soll, de Moment drun? Goufen do méttlerweil Emprisë gemaach?

Tëscht Réiden a Räichel ass laut dem modifizéierte Gesetz vum 28. Abrëll 2015 betreffend dem nationale Vëlosreseau keng national Vëlospist virgesinn. Dëst bedeit, datt dës Verbindung net op staatlechem Niveau studéiert gëtt.

Trotzdem ass op Demande vun der Réidener Gemeng an op Initiativ vum interkommunalem Syndikat vum Réidener Kanton en Raccord vu Räichel un d'PC17a (PC17a: Antenne déi den Atert Lycée mat der PC17 verbënnt) geplangt. Heifir ginn op Käschte vun der Gemeng approximativ 500 Meter Pist am Kader vum Projet vum Rondel mat realiséiert. Dës Verbindung wäert et den d'Vëlofuerer erlaben net méi mussen op der Nationalstrooss N22 ze fueren. Allgemeng ass an dësem Kader och ze erwänen datt d'Uschlëss vu kommunale Vëlospiste un den nationale Vëlosreseau, ënnert anhale vun diversen technesche Konditiounen, eligibel si vun enger staatlecher Subventioun ze profitéieren.

Lëtzebuerg, den 2. Februar 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch